Sonderbeilage

OEKOFEST 2025: „WAT E FLOTT FEST!“

Es regnete den ganzen Tag über, zu allem kam dann auch noch hinzu, dass der Fahrstuhl zur Oberstadt ausfiel. Nicht die allerbesten Bedingungen für ein Oekofest.

Und trotzdem: es war ein **gelungenes Fest**, auch wenn verständlicherweise weniger, aber immer noch zahlreiche, Leute kamen.

Die **Eröffnung** fand vor einem gut gefüllten Saal im ‚Sang a Klang‘ statt. Groß war die Zustimmung für die **Rede** der Präsidentin des Mouvement Ecologique, die vor allem Stellung zu der Entwicklung auf EU-Ebene, aber auch in Luxemburg bezog (Sie können das Video auf www.meco.lu einsehen oder im Folgenden lesen). Anschließend wurde das Fest bei einem gemeinsamen „Patt“ offiziell eröffnet.

Die **Stimmung** auf dem Fest war gut, jeder nutzte die Gelegenheit Freunden zu begegnen und sich auszutauschen.

Die **Live-Musik** war hervorragend, die Besichtigungen sehr anregend, das Essen auf den zahlreichen Ständen lecker (bio und häufig vegan / vegetarisch).

Die **Verkaufs- und Informationsstände** waren sehr attraktiv und interessant. Wie einige Verantwortliche sagten: *„Wir haben zwar etwas weniger verkauft, aber es war trotzdem eine tolle Stimmung“*. Und ein anderer Aussteller aus dem Bereich der Energieberatung: *„Die Leute, die kamen waren sehr interessiert, ich war sehr zufrieden“.*

Vor allem auch die **Animationen** für Kinder stießen auf großen Anklang. Das Facepainting war gut belegt, die Märchenstunde ist ins Innere verlegt worden und begeisterte Jung und Alt. Wie immer zog Georges Christen die Erwachsenen und Kinder in seinen Bann.

Für 2026 hoffen wir auf besseres Wetter ! Aber es war eine Freude, auch 2025 einen schönen Tag im Pfaffenthal zu verbringen.

Einen **herzlichen Dank** an alle jene, die das Fest mitorganisiert und ermöglicht haben, die Teilnehmer:innen an der Eröffnung sowie die Besucher:innen. Und falls Sie Anregungen für das Fest 2026 haben, dann teilen Sie uns diese gerne mit.

RIED BLANCHE WEBER, PRÄSIDENTIN MOUVEMENT ECOLOGIQUE OEKOFEST 2025

Ech fänke meng Ried ausnamsweis mat engem Zitat un, et ass net aus engem Communiqué vum Mouvement Ecologique:

« C'est une perte de temps et de crédibilité monumentale que je déplore profondément. En reportant des décisions cruciales, nous décevons nos concitoyens, nous nuisons à nos entreprises et nous perdons la confiance de nos partenaires hors de l'Union européenne.

(…) La responsabilité commune étant de veiller à ce que nos orientations stratégiques s'inscrivent dans l'avenir et ne nous enchaînent pas au passé. »

Dës staark Wieder komme vum Serge Wilmes am Kontext vun der Sëtzung vun den Ëmweltministeren zu Bréissel, wou am Virfeld vun der Weltklimakonferenz COP30 eng Verwässerung vun de Klimaziler vun der EU zur Debatt stoung.

Eisen Ëmweltminister huet sech domat zum Sproochrouer vun engem staarke Klimaschutz gemaach. Hee soll sech zeguer, dat ass elo am Lëtzebuerger Kontext eigentlech och e bëssche keck, géint d'Astellung vun anere Ministere gewiert hunn, déi fir „Pragmatismus a Realismus" plaidéiert hätten. Mäer begréissen dës Aussoen.

Et ass onwarscheinlech, mat wéi enger Schnellegkeet a Konsequenz op EU-Niveau ekologesch a sozial Errungenschafte vu Joerzéngten a Fro gestallt ginn. All Dag kréie mäer Appeller vun den europäesche Kolleege fir Breiwer a Stellungnamen un d'Kommissioun, d'Memberlänner, d'Parlamentarier, d'Press asw mat ze ënnerschreiwen, fir eis géint Dereguléierung an x-Beräicher ze wieren.

Déi erdréckend Zuel vun Dossieren, verbonne mat enger héijer Komplexitéit, feieren derzou, datt eng Press, de Grand public a jo och mäer als Ëmweltorganisatioun net mei mathale kënnen. Leider muss e kloer soen: D'Géigner vun enger nohalteger Zukunft sinn am Ablack um laangen Hiewel. Dat verbonne mat Politiker och aus chrëschtlech-soziale Kreesser, déi sech ob EU-Niveau ob déi Rietsextrem zoubeweegen.

Et ass franchement inakzeptabel, datt esou – och mat der Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerger Konservativen - virun e puer Wochen, déi rietsextrem Klimaleegner de Lead krute fir déi europäesch Klimapolitik och am Virfeld vun der COP ze bestëmmen.

Rietsextremismus bekämpft een duerch e méi un Demokratie an duerch e klore Positionnement, datt een Zukunftsfroen eescht hëlt, eng positiv ob Gemeinschaft baséierend Zukunftsvisioun huet déi een och konkret ugeet. Sécher net an deem een se méi salonsfäeg mëscht an domat déi wierklech Zukunftstheme verleegent.

D'Situatioun weltwäit an op EU-Niveau ass dramatesch an erdréckend. Lobbyisten, weltwäit Konzerner hu Muecht a Geld hier Interessien ze vertrieden. D'Kolleege vun eisen europäesche Verbänn hunn awer an de leschte Woche misse Leit entloossen, wëll si wesentlech manner Geld vu Memberstaaten an der EU kréien. Scho virdru wuar den Desequiliber tëscht der Zivilgesellschaft an industrielle Kreesser zu Bréissel eklatant. Elo grad wou d'Klima- an d'Biodiversitéitskris ongehemmt weider ginn, Themen ëmmer méi komplex, dringend Handele méi wichteg ass wéi jee, geschitt en Ofbau. Dramatesch.

Wat mëscht Courage an där Zäit? Ma wéi konsequent d'Leit an den ONGen Europa- an och weltwäit zesumme stinn an trotz allem mat enger grousser fachlecher Kompetenz, Engagement ob gemeinsame Wäerter an Zukunftsvisioune weltwäit zesumme schaffen. **Et ass déi weltwäit Solidaritéit déi ee weider dru gleewen deet, datt eng besser Welt méiglech ass. A mäer gleewen un d'Kraaft vun eisen Argumenter an eng Welt, wou d'Leit am Mateneen an am Respekt vun der Natur liewen. Och a grad an dësen Zäiten.**

Eng Rei Wëssenschaftler hunn och follgend Theesen opgrond vun de staarke Réckschrëtter déi grad geplangt sinn: Well mäer awer eppes un d'Wackele kruten, schléit den ale System méi staark zeréck. **Nach ass de Match net entscheet.**

Ma natierlech stellt sech och d'Fro wéi och mäer eis opstellen. Am Ablack si mäer et nach net gutt, och wa mäer eis bescht ginn. Mais déi Dossiere maachen sech net niewelaanscht, sinn och éierenamtlech vill méi schwéier ze begleeden. An eis finanziell Ressourcë setzen eis Grenzen, grad an dësen Zäite stinn och Fragezeichen iwwert eisem Finanzement esou guer fir déi Aarbecht, déi mäer elo scho maachen. Vläit musse mäer dach och eng Kéier ob Är Solidaritéit setzen! Ma mäer bleiwen drun, e.a. ass och geplangt gemeinsam mat aneren Ëmweltorganisatioune kloer Stellung géint déi Dereguléierungsprozesser an eisem Beräich ze bezéien.

Ma och eng Press ass gefuerdert. Déi EU-Themen si net catchy a generéiere vläit manner Klicke wéi anerer. Ma et ass hier journalistesch Pflicht, och am Virfeld vun Diskussiounen an Decisiounen op EU-Niveau, nach méi ze hëllefen, datt wichteg Dossieren zu engem gesellschaftspoliteschen Thema ginn.

Ma virun allem fuerdere mäer eis **Lëtzebuerger Regierung, d'Parteien an EU-Deputéiert** ganz konsequent ob, sech an alle Gremien – sief et um diplomateschen Niveau, an der Vertriedung zu Bréissel, an EU-Rotssëtzungen asw ganz konsequent **géint de Rollback** ze stellen a fir eng wierklech zukunftsorientéiert Politik anzetrieden. Mäer fuerderen awer och **d'Chamber** ob, **nach méi hire Rôle ze iwwerhuelen**. Et ass net richteg a net normal, datt d'Chamber als gewielte Gremium oft réischt am Nachhinein gewuer gëtt, wéi eng Positioun Lëtzebuerg vertrueden huet. Si musse matmëschen, e gesellschaftlechen Debat mat sécherstellen. A si mussen dat wëllen.

Erlaabt mäer do ob d'Aussoe vun eisem Ëmweltminister zeréck ze kommen. Esou positiv seng Aussoe waren, esou frustrant ass awer grad wat zu Lëtzebuerg ofgeet.

Sécherlech: Och hei doen sech positiv Saachen:

- No laange Joren ass endlech eng Persoun am Energieministère ugestallt ginn, déi fir **d'Wärmeplanung** zoustänneg ass. Dëst Thema ass essenziell, wëll d'Hëtzt mécht (wann een d'Mobilitéit erausrechent) den absolutte Gros vun eisem Energieverbrauch aus. Geschitt ass bis elo net vill. D'EU-Virgab ass awer kloer: 2050 soll et kéng Gasheizung méi am Land ginn. Dat si 25 Joer! Dat ass muar. Et geet bei weitem net duer, an awer setzt et éischt Akzenter.
- **D'Waasserwirtschaftsamt** wëll den Dossier vun der Ewigkeetschemikalie TFA ugoen an organiséiert e Seminaire derzou. E ganz wichtegen éischten Usaz, fir datt duerno Instrumenter op den Dësch komme mussen.
- De Wirtschafts- an de Sozialminister schéngen de **Sozialplang fir d' Klima** zumindest politesch wëlle mi eescht ze huelen a ruffen d'Acteuren zesumme. Wat erauskënnt, muss ee gesinn.

Mais grondsätzlech ass d'Analyse vun der Lëtzebuerger Regierungspolitik absolut onbefriddegend. Zu Lëtzebuerg geschitt genau dat, wat eise Minister zu Recht zu Bréissel ugeprangert huet. *Véier* Beispiller illustréieren dës Situatioun stellvertriedend fir anerer:

• Beispill Klimaschutz

Geméiss der provisorescher Klimabilanz 2024 hale mäer eis Reduktiounsverpflichtunge fir den CO_2 insgesamt nach just an. Mais e.a. am Industriesecteur klammen se an de leschte Jore konstant ! Klammen! Net erofgoen! 2024 louchen ze 38.5% iwwert de gesatenen Zieler.

Wéi wuar d'Zitat vum Minister vu virdrun? Et géing drëm „eis wirtschaftlech Widderstandsfäegkeet ze verbesseren". Geméiss Presseberichter gëtt elo a Regierungskreesser gesot, d'Zieler fir d'Industrie wären da wuel ze ambitiéis gewiescht a sollten erofgesat ginn. Aner Secteure sollen dann entspriechend méi aspueren. D'Landwirtschaft? D'Mobilitéit wou den Ausbau vun der E-Mobilitéit net viru geet wei geplangt? Domat wier der Industrie a Lëtzebuerg e Bierendéngscht geleescht. De graduellen Ëmbau muss geléngen, an dat muss heeschen, datt Emissiounen net weider klammen, soss verpasst eis Industrie den Uschloss.

Mäer wäerten eis ob alle Fall mat aller Konsequenz géint esou eng Ofännerung wieren. Mir fuerderen eis Regierung op an all Secteur ze kucken, u wat Ëmsetzunge scheiteren, wou Problemer sinn an déi konsequent unzegoen! D'Realitéit net wëlle gesinn, ass keng Optioun.

• Logement

Esou guer an enger Zäit, wou Entrepreneure vu Kris schwätzen a soen, datt et am Bau net viru geet, hält och de Bausecteur seng Reduktiounsziler net an. Am Beräich vun de Gebaier misste 45% Emissioune bis 2030 agespuert ginn. Wann de Bausecteur erëm méi un Dynamik géing gewannen, kann een sech virstelle wat geschitt wann net déi néideg Reforme kommen.

Den Haaptdeel vun der Energie vun engem Haus läit am Bau, net am Heizen. Déi schéinste Solaranlag bréngt net alles, wa mäer ëmmer just nei bauen, wa méiglech nach mat Bëtong. Duerfir muss d'Renovéieren als een zentralen Deel vun der Léisung méi einfach ginn. Ma do kritt ee grad nëmme Steng an de Wee geluecht. Wosst dir z.B, datt wann Dir Äert Haus sanéiere wëllt an d'Räim hunn eng Plaffongshéicht vun 2,50, dir se hiewe musst, wëll déi haiteg Norm 2,55. ass? Ekologeschen a sozialen Irrsinn. Geschätzt gëtt, datt tëscht 5 an 10% vun den Haiser eidel stinn. Si wären eigentlech gutt a séier mobiliséierbar (ze mobiliséiere), wann de politesche Kader stëmme géing.

Mäer fuerderen d'Regierung ganz kloer ob, aus der Renovatioun eng absolut Prioritéit ze maachen, Hemmnisser ofzebauen. Dat ob ville Niveauen. Och beim Iwwerschaffe vum sougenannte nationale Bautereglement vun de Gemengen. Do ass den Inneminister am Besonneschen, ma och déi ganz Regierung gefuerdert!

• Naturschutz

Ech muss an dësem Kader net widderhuelen, wéi dramatesch de Verloscht u Biodiversitéit ass, keen eent vun eisen Uewerflächegewaasser ass an engem gudden Zoustand. Trotzdeem läit eng Kaskade vu verschiddene Reformtexter zum Naturschutzgesetz vir, bei deenen engem d'Dronkenellen ausginn! Géingen si sech duerchsetzen, da wären d'Konsequenze verheerend. Grad elo manner Grénge an eisen Uertschaften, geschützten Aarten an hire Liewensraim wären nach méi a Gefor wéi bis elo…. A letztendlech géif och net vill fir de Bau erreecht, well fundamental Problemer awer net richteg ugaange ginn. Eis Regierung géing domat en absolut irresponsabele Choix géint d'Liewensqualitéit vun de Leit an den Uertschafte maachen! Géint Klimaadaptatioun! Géint déi nächst Generatioune! Bis elo wuar kee korrekten Austausch am Dossier, obwuel och en Observatoire de l'environnement naturel an den Architekteverband ob grave Problemer higewisen hunn.

Mäer fuerderen den Ëmweltminister ob, dës Projete fundamental ze iwwerschaffen. Hei steet kloer seng Glafwierdegkeet an och déi vun der gesamter Regierung um Spill. Mäer wäerten als Méco am Hierscht e Seminär mat Fachleit maachen, wou mäer alt erëm Alternative virstellen.

- **D'Landwirtschaftspolitik**

Et ass d'Orientéierung vun der Landwirtschaftspolitik, déi den Zoustand vun der Biodiversitéit bestëmmt. Den Dialog mam Landwirtschaftsministère klappt net an d'Landwirtschaftsministesch ass an eisen Aen ze soe blann um Ae vun der Biodiversitéit. Follgend Situatioun seet villes aus: D'Landwirtschaftsministesch wuar rosen, wëll mäer soten zu Lëtzebuerg wären ze vill verkaafte Liewesmëttel mat Pestizide belaascht. Zu de Fakten: dat ass wouer. Eng 50% vun den ënnersichten si belaascht, dovunner 5% iwwert dem Grenzwäert. D'Landwirtschaftsministesch huet fonnt, well d'Grenzwäerter net iwwerschratt wieren, däerft een net vu Belaaschtung schwätzen. Ma Pestiziden hunn näischt a Liewesmëttel verluer! A wann se dra sinn, si se belaascht, Madame Hansen.

Amplaz rosen ze sinn, datt mäer d'Wourecht soen, sollt Dir d'Äerm erobb strecken, de Biolandbau wierklech viru bréngen a generell fir eng zukunftsorientéiert Landwirtschaft am Respekt vun eiser natierlecher Ëmwelt antrieden! De Konsortium ‚Meng Landwirtschaft' huet ganz konkret Propose virgeluecht.

D'Lescht vun de Beispiller kéint ech laang fortsetzen: d'Madame Backes schwätzt vun engem potenziellen Ausbau vum Flughafen a villes méi.

Ech wéilt géint der Schluss vu menger Ried och nach en anert aktuellt Thema opgräifen: D'Pensiounsreform.

Eise Pensiounssystem hänkt ganz staark vun engem weidere joerzéngtelaangem Wuesstem vum Bruttoinlandprodukt an der Awunnerzuel of. Eenzel Secteure sollen och eiser Meenung no wuessen, ma de ganze System ofhängeg ze loosse vum Wuesstem ass irresponsabel. Ekologesch an awer och gesellschaftspolitesch. Lassgeléist dovunner, datt et guer net sécher ass op dat klappe wäert, packe weder eis Justiz, nach eise Gesondheetssystem, nach eis Verkéiersstrukturen an an an dat. Wa mäer weider an déi Richtung ginn, da leeë mäer de näschte Generatiounen ëmmer méi héich Bürden op.

Als Ëmwelt-ONG sief awer nach follgendes gesot: D'Pensiounen si ganz wichteg. Ma: am Géigesatz zum Pensiounssystem kënne mäer, wa mäer elo net endlech konsequent eppes géint d'Klima- an d'Biodiversitéitskris maachen, an e puer Joer net méi nobesseren. D'Konsequenze vun Decisiounen an déi falsch Richtung oder déi vum nëmmen hallefhäerzegen Handele kënne net mei duerch Korrekturen opgehuewe ginn. An all Joer wat mäer haut verléieren, erhéicht den Drock ob déi nächst Joren an déi nächst Generatioune.

Et kann een net net anescht soen: mäer maachen eis grad schëlleg un de nächste Generatiounen, an deem mäer d'Problemer net uginn. Offenen Auges d'Klima- an d'Biodiversitéitskris weider befeieren … a jo, mäer hannerloossen e Rentesystem wou ob de falsche Piliere steet.

Duerfir: et wär héich Zäit der Klima an der Biodiversitéitskris déi selwecht Opmierksamkeet ze ginn an de Stellewäert ze erhéijen. An der Regierung, der Press, der Zivilgesellschaft … an d'Noutwendegkeet vun der Generatiounegerechtegkeet vill mei eescht ze huelen.

Allze oft gëtt gesot: déi Jonk interesséieren sech net genuch fir Politik an Engagement, sinn ze vill fixéiert op hier life work balance a villes méi! Nee! Si se net ! Ob alle Fall net méi, wéi mäer et och waren. Et sinn net déi Jonk déi a Fro ze stelle sinn, mat déi gesellschaftlech Choixe vun den eelere Generatiounen - vun eis. An da verseet och nach eise Schoulsystem, deem seng wichtegst Aufgab et wär si staark ze maache fir déi Challengen, déi op se duerkommen. Net de Subjonctif Imparfait oder net wéini de Louis de XIV bestuet gouf. An si mussen och net onbedéngt de leschten Detail wëssen, wéi den Afloss vum Golfstroum op d' Klima ass. **Nee, si misste staark gemaach ginn!** Selbstwirksamkeet am Schoulsystem erliewe kënnen, an deem si selwer däerfe Projete maachen. Resilienz entwéckelen an deem se Fäegkeete kréien sech och emotional an dëser Welt erëmzefannen. Jo, och vill méi Kompetenze vermëttelt kréie fir eng konstruktiv Sträitkultur. **Mäer a si mussen net nëmmen en technesche Wandel, ma e kulturelle Wandel hikréien.** An dee bedeit och rengen ëmmm Zukunftsvirstellunge, sech nolauschteren, an och kritesch mateneen diskutéieren. **Et mussen dringend Reformen am Schoulsystem kommen!**

Den Ausdrock Sträitkultur ass dann awer och den Iwwergang zu mengem wierklech leschten Deel:

Soziales an Ekologie mussen zesumme geduecht ginn! Béid klappen net isoléiert vun eneen. Scho guer net, wa mäer an enger weltwäiter Solidaritéit wëlle liewen. Et sinn déi méi sozial Schwaach déi am meeschten ënnert der Klimakatastroph an der Biodiversitéitskris leiden, hei an awer och virun allem weltwäit. **Ekologie ka just klappen, wann ee virun allem dës Leit mathëlt an och fir eng sozialgerecht Welt antrëtt.**

Do si Gewerkschaften an Ëmwelt-Organisatiounen, ma nach aner sozial Acteuren, **natierlech Alliéiert**. (Mäer kritiséieren an deem Kontext den Ëmgang mat der Affaire Caritas, déi och fir eis en zentrale Partner waren.) Mäer droen als Mouvement d'Analyse vun de Gewerkschafte, datt **dës Regierung bis elo keen éierlechen Dialog mat Austausch vun Argumenter a rengen ëm Kompromësser** mécht. Mäer stinn eis och an anere Punkten no. Ma vläicht mussen och mäer et nach méi fäerdeg bréngen, am Interessi vu béiden, en **éierlechen Austausch iwwert verschidde Perspektiven** ze hunn. Iwwert d'Fro vum Wuesstem, iwwert dat wéi een eng sozialgerecht Transitioun wierklech hikréie kann. Ma och d'Froe wéi mäer gutt Liewen definéieren, wéini et materiell muss genuch sinn stinn am Raum an och déi gemeinsam Campagne ‚Tax the rich'. Mäer sinn als Mouvement Ecologique virun allem am Austausch mat der Chambre des Salariés, dat ass immens wichteg. **Den Austausch mat de Gewerkschaften och ob fundamentalen inhaltleche Froe wäerte mäer, wéi mäer dat och beim Klima- a Sozialplang gemaach hunn, weider feieren.**

Et wär nach vill ze soen. Et wäer nach vill ze soen, och zum Krich a Palästina. Mäer si frou, datt do aner Lëtzebuerger Organisatiounen, wéi Amnesty de Lead iwwerholl hunn, Stellung bezéien an zu Manif'en opruffen. Mäer ënnerstëtzen déi, d'Weltgemeinschaft däerf net länger nokucken!

Ma ech wéilt mat engem Zitat vum Ekonom Marcel Fratzscher ophalen deen de neie Generatiounevertrag esou definéiert

„Ich schlage vor, dass wir uns dabei an drei Grundgedanken orientieren: dem Recht auf ein selbstbestimmtes Leben, dem Recht auf einen lebenswerten Planeten und dem Recht auf eine intakte Gesellschaft mit sozialer Teilhabe, Solidarität und einer funktionierenden Demokratie."

Oder e läscht Zitat wat och bei haut passt:

« Le chemin est long, mais on peut aller loin »